Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl
N° régistre de commerce : F1749
Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)
B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Maach mat!

Ref. : FLMP-2018-071 **Abrëll 2018**

Newsletter 2 / 2018

Infostand bei de Wanderungen

Ëmmer méi oft begéine mer nei Wanderer bei eisen Organisatiounen. Fir dës nei „Klientel“ anstänneg ze beroden, sollen eis Veräiner an Zukunft nieft dem Start an dem IVV-Stempel och nach een Infostand ubidden.

Oft staut et am Stempelbüro, well versicht gëtt, déi nei Marcheuren iwwert déi gesamt Palett vun FLMP an IVV ze informéieren. Fir dëst ze evitéieren a fir dës Leit kompetent a komplett ze informéieren, soll et an Zukunft en zousätzlechen Infostand ginn. Dëse soll vu Membere vum Organisateur besat ginn, déi d'Grondreegele vun der FLMP a vum IVV kennen, besonnesch wat d'Validatiounen ubelaangt. Wichteg ass, datt den Infostand mindestens vun 09.00 bis 13.00 Auer funktionéiert.

Dëse Stand kann a soll och benotzt gi fir d'IVV-Wäertungshefter an all aner Gadgeten ze verkafen (FLMP-Becher, asw). Natierlech soll hei och versicht ginn, Informatiounen iwwert den eegene Veräin ze vermëttelen.



Fir dësen Infostand siichtbar ze maachen, huet d'FLMP en zousätzleche Roll-Up bestallt, deen ab dem 1. Mee zesumme mat de Roll-Upen „Start“ an „Ziel“ matgeliwwert gëtt.

Deemno gëtt d'Locatioun vum Fändel a vun den 3 Roll-Upen och ab dësem Datum mat 10.- € pro Organisatioun verrechent.

Single-Treff

D'Aktioun Single-Treff schéngt net de groussen Erfolleg ze hunn. Dofir gëtt dëse Fändel nach just op Wonsch vum Veräin matgeliwwert.

Veräiner, déi de „Single-Treff" wëllen hunn, kënnen dësen zesumme mat hirer Commande vum FLMP-Material matbestellen. Dëse Fändel ass gratis.

Validéierung vu Permanente Wanderweeër

Op der leschter Generalversammlung vun der FLMP ass d'Fro opgeworf ginn, fir déi Permanent Wanderweeër och all Dag als Participatioun ze validéieren.

Dëst Praxis gëtt et effektiv a verschiddene Länner. No ausféierlechen Diskussiounen am Verwaltungsrot vun der FLMP gëtt festgehalen, datt den aktuelle System bis op Weideres bäibehale gëtt. Dat heescht, datt d'Participatioune pro PW nëmmen emol pro Quartal validéiert ginn.

Yuppi-Walk 2019

Vun eisem Partner fir Yuppi-Walken, de Supermarché Cactus SA, hu mer den Accord kritt, fir och am Joer 2019 erëm 6 Yuppi-Walken unzebidden. Veräiner, déi un esou enger Organisatioun intresséiert sinn, sollen sech bis spéitstens den 1. Mee am FLMP-Sekretariat mellen. De Verwaltungsrot decidéiert dann, wéi eng 3 Veräiner mat sou enger Organisatioun beoptraagt ginn. D'Yuppi-Walken zu Léiler, Ettelbréck an op der Journée Nationale sinn all Joer fest am Programm.

D'selwecht wéi dëst Joer, gëtt mat den Organisateure vum Yuppi-Walk eng Konventioun ënnerschriwwen, wou déi verschidde Rechter a Flichten opgezielt sinn.

Facebook

Mir wëllen op dësem Wee nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Facebooksäit vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun en Informatiounsportal ass a keng offiziell Vocatioun huet!

Dofir ginn op dësem Wee och keng offiziell Ufroe méi beäntwert. Dës kënnen wéi nach ëmmer, mat Bréif (B.P.56 – L-9201 Diekirch), mat Email (flmp@pt.lu) oder iwwert GSM (691 30 26 87) wärend de Bürosstonne gemaach ginn.

Dat selwecht gëllt fir déi Privat-Facebooksäite vun de Membere vum FLMP-Verwaltungsrot a vum FLMP-Sekretariat.

Ouni Plastik

Eist Zil ass et, fir ab 2019 kee Plastik méi op eise Wanderungen ze fannen. Dëst kënnt dir och an äre Flyeren annoncéieren. Dofir hu mir fir iech e flotte Logo ausgeschafft, deen dir op eiser Internetsäit erofluede kënnt.

Gitt mat eis op de Wee, fir datt och all eis Wanderungen ëmweltbewosst kënnen ugebuede ginn. All Flyer, den eng Wanderung fir 2019 annoncéiert, soll dëse Logo droe fir d'Sensibilisatioun vun alle Wanderer.

All you can walk in …. 24 hrs

Wéi mer iech dat schonns matgedeelt hunn, brauche mir fir dëst grousst Event vum 31.08.-01.09.2018 vill Fräiwëlleger fir eis eng Hand unzepaken. Vill Äntwerten hu mer schonns era kritt, awer vill Plaze stinn och nach op. Dofir hei nach eng Kéier eng kleng Iwwersiicht iwwert déi Plazen, déi nach musse besat ginn:

2 Persounen	Kontroll an der Coque – 31.08.-01.09.	21:30 – 06:00 Auer
2 Persounen	Kontroll um Schlusscircuit – 01.09.2018	17:00 – 19:00 Auer
3-4 Persounen	Kontroll Eecherfeld – 01.09.2018	01:45 – 07:00 Auer
2 Persounen	Ravi Bridel – 01.09.2018	02:30 – 08:00 Auer
1 Persoun	Bureau d'information 31.08.2018	15:00 – 23:00 Auer
1 Persoun	Bureau d'information 01.09.2018	06:00 – 14:00 Auer
1 Persoun	Bureau d'information 01.09.2018	14:00 – 21:00 Auer
2 Persounen	IVV-Stempel – 31.08.-01.09.2018	19:30 – 06:00 Auer
2 Persounen	Remise Médailles – 01.09.2018	10:00 – 21:00 Auer
1 Persoun	Comptoir 1 – 01.09.2018	01:00 – 05:00 Auer
2-3 Persounen	Service Comptoir 1 – 31.08.-01.09.2018	15:00 – 01:00 Auer
2 Persounen	Service Comptoir 1 – 01.09.2018	05:00 – 08:00 Auer
2-3 Persounen	Service Comptoir 1 – 01.09.2018	08:00 – 15:00 Auer
2 Persounen	Comptoir 2 – 31.08. - 01.09.2018	18:00 – 01:00 Auer
2-3 Persounen	Comptoir 2 – 01.09.2018	08:00 – 15:00 Auer
2-3 Persounen	Service Comptoir 2 – 31.08.-01.09.2018	15:00 – 01:00 Auer
2 Persounen	Service Comptoir 2 – 01.09.2018	05:00 – 08:00 Auer
2-3 Persounen	Service Comptoir 2 – 01.09.2018	08:00 – 15:00 Auer
2-3 Persounen	Service Comptoir 2 – 01.09.2018	15:00 – 22:00 Auer
1-2 Persounen	Transports Intra-Contrôles 31.08.-01.09.	18:00 – 02:00 Auer
1-2 Persounen	Transports Intra-Contrôles 01.09.2018	02:00 – 10:00 Auer
1-2 Persounen	Transports Intra-Contrôles 01.09.2018	10:00 – 19:00 Auer
1-2 Persounen	Café / Patisserie – 01.09.2018	04:00 – 08:00 Auer
2-3 Persounen	Café / Patisserie – 01.09.2018	08:00 – 15:00 Auer
1-2 Persounen	Café / Patisserie – 01.09.2018	15:00 – 22:00 Auer
1-2 Persounen	Spull 31.08.-01.09.2018	15:00 – 03:00 Auer
1-2 Persounen	Spull 01.09.2018	03:00 – 12:00 Auer
1-2 Persounen	Spull 01.09.2018	12:00 – 22:00 Auer
2 Persounen	Spill Yuppi-Walk 1 – 01.09.2018	09:00 – 16:00 Auer
2 Persounen	Spill Yuppi-Walk 3 – 01.09.2018	09:00 – 16:00 Auer
1-2 Persounen	Shop / Souvenirs – 31.08.-01.09.2018	19:00 – 01:00 Auer
2 Persounen	Shop / Souvenirs – 01.09.2018	06:00 – 10:00 Auer
2-3 Persounen	Equipe volante – 31.08.2018	15:00 – 24:00 Auer
2-3 Persounen	Equipe volante – 01.09.2018	00:00 – 08:00 Auer
2-3 Persounen	Equipe volante – 01.09.2018	08:00 – 16:00 Auer
2-3 Persounen	Equipe volante – 01.09.2018	16:00 – 22:00 Auer
1-2 Persounen	Nettoyage – 31.08.2018	15:00 – 24:00 Auer
1-2 Persounen	Nettoyage – 01.09.2018	00:00 – 08:00 Auer
1-2 Persounen	Nettoyage – 01.09.2018	08:00 – 16:00 Auer

Intresséiert Leit kënnen sech mellen am FLMP-Sekretariat iwwert Tel. 691 30 26 87 wärend de Bürosstonnen oder iwwert Email: flmp@pt.lu

Fir är Memberen schécke mer iech och nach eng reduzéiert Newsletter.

Les sponsors et partenaires de la FLMP

FREELANDER'S OUTDOOR & ADVENTURE · Sales-Lentz moving people · CFL · ALD Maison du Diabète · Raiffeisen · fondation follereau · lalux ASSURANCES · VISIT LUXEMBOURG · YOUTH HOSTELS · natur&ëmwelt · typo95 CREATION & IMPRESSION · Cactus